# Wéi fannen ech eng Wunneng?

Eng Wunneng ze fannen, ass oft déi éischt Hürd um Wee fir e Studium zu Freiburg. Hei fënns du e puer Links, déi hoffentlech hëllefräich op denger Sich sinn!

> Tipp: Angeboter vu Privatleit si gefrot a schnell fort. Zéck also net a ruff direkt un!


Ufänke mat denger Sich kanns de op deenen übleche Sitten:

- www.wg-gesucht.de
- www.immowelt.de
- www.immobilienscout24.de

Zu Freiburg ginn et awer och Wunnheemer, an deenen ëmmer mol rëm eppes fräi gëtt!

- www.swfr.de
- www.campo-novo-freiburg.de
- www.the-fizz.com

Du kanns och ëmmer op eiser Facebooksäit d'Aen ophalen – et sinn ëmmer erëm Leit déi en Nachmieter sichen.





SLUF steet fir „Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg". Mir als Studentevereenegung hunn d'Aufgab, d'Studenten op der Uni Freiburg an op den Héichschoulen ze vertrieden. De SLUF zielt eng Ronn 80 Memberen, fir déi iwwert dat ganzt Joer eng ganz Rei vu flotten Aktivitéiten organiséiert gëtt. Donieft ass de SLUF de beschten Ansprechpartner fir Lëtzebuerger Studenten, wann et ëm d'Studéieren an d'Wunnen zu Freiburg geet.
Du wëlls Member ginn? Da komm einfach bis op eise Stammdësch laanscht. Hei gëss du ëmmer frëndlech empfaangen!

Si weider Froen opkomm? Zéck net a mell dech direkt bei eis:

- www.sluf.lu
- comité.sluf@gmail.com
- SLUF - Studente vu Letzebuerg op der Uni-Freiburg
- @slufelch

# Freiburg

## SLUF – Studente vu Lëtzebuerg



**An dëser Broschür fënns de Informatiounen zum Studium sou wei zum Liewen zu Freiburg!**

STUDENTE VU LËTZEBUERG · OP DER UNI FREIBURG

ACEL

FABRIK

SPUERKEESS

## Wat kann ech zu Freiburg studéieren?

### Albert-Ludwigs-Universität Freiburg

Biologie, BWL, Chemie, Forst-, Umwelt- & Geowissenschaften, Geschicht, Informatik, Mathematik, Mikrosystemtechnik, Medizin, Pharmazie, Philosophie, Physik, Psychologie, Rechtswissenschaften, Jura, Sozialwissenschaften, Sport-, Sprach- & Kulturwissenschaften, Verhaltenswissenschaften, VWL, Erziehungswissenschaften a Villes méi!

www.uni-freiburg.de



### Pädagogische Hochschule (PH)

Erziehungswissenschaften
Erziehung & Bildung
Gesundheitspädagogik
Kindheitspädagogik und Frühe Bildung

www.ph-freiburg.de

### Evangelische Hochschule (EH)

Soziale Arbeit
Religionspädagogik
Pädagogik der Kindheit

www.eh-freiburg.de

### Katholische Hochschule (KH)

Heilpädagogik / Inclusive Education
Soziale Arbeit

www.kh-freiburg.de

### Aner Héichschoulen:

Musikhochschule Freiburg:
www.mh-freiburg.de

Hochschule Macromedia Freiburg:
www.macromedia-fachhochschule.de

Angell Akademie Freiburg:
www.angell-akademie.de

## Weider Informatiounen:

## Firwat Freiburg?

E Studium zu Freiburg ass méi wéi nëmmen hannert de Bicher ze hänken. Hei gëtt et nieft deene ville verschiddene Studieméiglechkeeten och eng breet Offer un interessanten Aktivitéiten. D'Lag vu Freiburg ass souwuel fir Naturfrënn wéi och fir Sportler optimal. Mat insgesamt 30.000 Stu-denten, bei nëmme knapp 230.000 Awunner, läit dës Studentestad tëscht der Rheinebene (dem Kaiserstuhl) an dem herrleche Schwarzwald. Am Summer bitt dës Géigend mat senge ville Séie ganz vill Ausfluchméiglechkeeten. Am Wanter kënnen d'Schifuerer an d'Snowboarder sech um Feldberg austoben. Zudeem ass Freiburg bekannt als déi däitsch Staat mat deene meeschte Sonneston-nen – wat wëll ee méi? Awer och seng Lag am Dräilännereck, mécht Freiburg attraktiv a bréngt engem genuch Ofwiesslung an d'Studenteliewen. Donieft bitt Freiburg selwer vill Attraktiounen an en opreegend Nuetsliewen. Langweileg dierft et hei kengem ginn!

